LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Justizministesch Sam TANSON, dem Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri KOX an dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude MEISCH, op d'parlamentaresch Ufro N° 8211 vum honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER iwwer d'Campagne "not sharing is caring"**

*Ad Q1:* D'Campagne, déi vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend initiéiert gouf, ass duerch eng Zesummenaarbecht tëscht deem genannte Ministère, de Justizautoritéiten, vertrueden duerch de Parquet Lëtzebuerg, an der Police entstanen.

De gemeinsame Wëlle vun deenen uewegenannten Acteuren ass fir d'Ëffentlechkeet ze sensibiliséiere fir e Phänomen deen et leider ëmmer méi heefeg gëtt. De Fokus läit um Schutz vum Affer, mee soll och d'Affer encouragéieren eng Plainte bei der Police ze maachen, fir dass d'Justiz d'Täter verfollege kann. Duerch d'Campagne soll och déi grouss Majoritéit vu Jonken, déi mat Gewalt nëmmen als Zeien an net als Affer oder Täter konfrontéiert gëtt, encouragéiert ginn, Zivilcourage ze weisen a responsabel an empathesch Decisiounen ze treffen. Wichteg ass allerdéngs, datt d'Zeien sech net onnéideg a Gefor bréngen, wéi zum Beispill doduerch, datt si probéieren, Beweiser op Video opzehuelen. Dofir leet d'Campagne "Not sharing is caring" de Fokus dorop, d'Police ze ruffen a Videoen net ze deelen.

Fir dass e Videoclip en Impakt op d'Publikum huet, muss e kuerz sinn a sech op e spezifescht Thema konzentréieren, an dobäi awer kennen eng allgemeng Situatioun presentéieren.

D' Video-Komponent vun der Campagne "Not sharing is caring" ass effektiv haaptsächlech axéiert op de Message un de Grand public, dass d'Diffusioun vun Zeenen déi Kanner involvéieren oder ënner gewësse Konditiounen u Kanner adresséiert sinn, strofbar ass. D'Internetsäit vun der Campagne (www.notsharing.lu) bitt nach zousätzlech Informatiounen an ënnerscheet tëschent zwee Cas-de-figuren. Esou sinn Zeie gebieden ee Gewaltvideo ze späicheren an der Police ze weisen, wann si Persounen am Video erkennen. Sollt dat net de Fall sinn, sollen d'Zeien de Video läschen, well ouni Informatioun wien op dem Video ass, kann d'Police net domat schaffen.

D'Lutte géint Gewaltvideoe beschränkt sech awer net nëmmen op dee Videoclip mee geet doriwwer eraus. Et gi verschidde Mesuren déi all concernéiert Acteuren impliziéieren.

Sou wäert zum Beispill am Hierscht eng spezifesch Formatioun fir Enseignantë via den IFEN ugebuede ginn, wou Outile presentéiert ginn, fir an esou Situatioune kënne richteg an adäquat ze reagéieren. D'Enseignantë kréien an deem Kader zum Beispill vum Parquet d'Aspekter iwwer d'Affer, d'Täter an d'Zeien erkläert (déi handelen, déi kucken, déi encouragéieren a schliisslech déi filmen), mee och iwwer d'Roll vun den Elteren. Doriwwer eraus erkläert de Parquet och de Fonctionnement an d'Roll vun de Justizautoritéiten an déi legal Konsequenze mat deenen déi jeeweileg Persoune musse rechnen.

*Ad Q2:* D'Justiz ass onofhängeg an applizéiert d'Gesetzer. De Parquet huet d'opportunité des poursuites an all eenzelner Affaire.

*Ad Q3:* Eng transparent Informatioun fir d'Ëffentlechkeet fënnt statt. Esou sinn Echangë mat der Chamber oder och Interviewen an der Presse gewiescht.

D'Police grand-ducale publizéiert all Joer hier Statistiken zu der Kriminalitéit, déi och ëffentlech sinn an um Site vun der Police an dem Ministère fir bannenzech Sécherheet ze fanne sinn. Och de Justizministère publizéiert all Joer en Aktivitéitsbericht an deem och d'Zuele vum Parquet Jugendschutz senger Aarbecht dra virkommen (Jugendschutz, Mëssbrauch, Delinquenz). An dësen Zuele sinn esouwuel déi di de Schutz wéi déi di d'Delinquenz betreffen enthalen.

Parquet Luxembourg:

***Tableau 3.1.11 : Activités en matière de la protection de la jeunesse***

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Informations** | 727 | 1 092 | 1 298 | 2 049 | 2 921 |
| **Procès-verbaux** | 1 749 | 2 221 | 1 651 | 2 237 | 2 517 |
| **Rapports** | 8 738 | 9 922 | 8 859 | 9 975 | 10 139 |
| **Signalements** | 651 | 764 | 749 | 1 021 | 1 253 |
| **Volume total de pièces traitées** | **11 865** | **13 999** | **12 557** | **15 282** | **16 830** |

Extrait : Rapport d'activité 2022 des juridictions judiciaires, Säit 246

Parquet Diekirch :

***Tableau 3.2.2 : Activités en matière de la protection de la jeunesse***

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Informations** | 429 | 376 | 368 | 560 | 709 |
| **Procès-verbaux** | 440 | 396 | 407 | 613 | 1 015 |
| **Rapports** | 1 440 | 1 679 | 1 599 | 1 915 | 2 327 |
| **Signalements** | 295 | 301 | 223 | 326 | 389 |
| **Volume total de pièces traitées** | **2 604** | **2 752** | **2 597** | **3 414** | **4 440** |

Extrait : Rapport d'activité 2022 des juridictions judiciaires, Säit 287

****

Lëtzebuerg, den 11. September 2023.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson